

(IMMI+INTE) GRATIOUN?

De Problem an d'Gespréich, ob mir zevill-oder nach nët genuch Ausländer hun, déi gehéieren op aner Plazen. Et steet op jidde Fall fest, dass hei am Land ronn 30% Ausländer schaffen, wunnen . . . a liewen! Dat sin der an déi 100 000. Fir e giedlege Vergläich ze kréien: bei ronn 50 Millioune Fransousen gifen dat 15 000 000 Ausländer . . . doru géng Frankräich kappen, si hu knapps 10%, a jéimeren nach. Et kann ee roueg soen, mir Lëtzebuerger wire Weltmeeschter am Prozentsaz vun den Ausländer am eegene Land.

Wat mécht de „Weltmeeschter“ an deer Situatioun? Rosewéineg, oder glat näischt. Et gët nach ëmmer deer Näiver, déi mengen, d'Integratioun géng „vumselwen“. Dat war wouer, wéi d'Ausländer drëpseweis koumen . . . vun 1890 bis 1950. Dono si mir an deem Sënn an den Drëpschlag geroden: d'europäesch Institutiounen, den economesche „Boom“ an de Banksecteur hun d'Ausländer mat den Zéngtausende bruecht. Mir hun e „Service à l'Immigration“ kritt, ower mir hun nach (bis haut) emol nët e Mantelbriet „à l'Intégration“!

Et as ower eng Wéckelkënnerches-Wouregt, dass een sech an engem Land nëmme kann doheem an heem(l)ech fillen, also integréiert, wann een d'Sprooch versteet, oder esouguer schwätzt.

Natiirlech as dat eng Fro vu Kontakt . . . ower et kritt einfach nët jidderee Kontakt. Dat as erëm eng Fro vu Geleënheet, vun Noperen, vu sozialer Positioun. Et gët nach vill méi schwéier, well mir jidderengem, deen e franséischen, däitschen oder engleschen Accent huet, „héiflechterweis“ mat sénger eegener Sprooch de Gëtschel fir an d'Lëtzebuergesch zoumaachen. Eise Virdeel dobaussen as heibannen en Nodeel fir „eis“ Ausländer. Mir kënnen heiriwer e Geschreifs féieren esou laang wéi en Europa-Express; et as ower keng Fro vum Schwätzen, et as eng Saach vu Maachen.

Mir müssen den Ausländer, déi wëllen!, eng Geleënheet gin, fir eis Sprooch ze léieren. Dat mecht d'Actioun-Lëtzebuergesch elo schons 4 Joer hei an der Stad an deer aler Europaschoul. Mir léiere keng lëtzebuergesch Grammatik an och keng Schreifweis mat de Leit . . . et geet vrun allem ëm d'Schwätzen, ëm d'Geleënheet! Et geet och ëm d'Gefill, dass een hei nët verluer as, dass een en Auswee fënnt, fir de Wee era bei Lëtzebuerger ze fannen.

Fir eis Courën hei an der Stad hu mir wëlles mam Populatiounsbureau zesammenzeschaffen („étrangers“ + „service d'accueil“)
Tél. 4796-2758 / 2752 / 2751 l.r.

